



**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 7699 vum 2. Mäerz 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

Ech ginn dovunner aus, datt den honorabelen Deputéierten den ale Schapp mengt deen nieft engem Wunnhaus op der Adress 72, Route de Luxembourg zu Dippech stoung.

Dëse Schapp war als „construction à conserver“ am allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Dippech agedroen. Eng national Protektiounsprozedur gouf net ugefaangen. Op Basis vum Artikel 129 vum neien Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 muss de Kulturminister awer am Virfeld iwwert all Aarbechten un esou engem kommunal geschützte Gebai informéiert ginn an dëst spëtstens am Moment wou d'Demande de construction oder de démolition bei der Gemeng agereecht gëtt.

Den Institut national pour le patrimoine architectural – INPA hat Uganks Februar erausfonnt, datt en Ofrappe vum Schapp imminent wier, dat well e baufällig wier an datt d'Gemeng Dippech aus deem Gronn engem Ofrappen zougestëmmt hätt.

An engem Bréif vum 10. Februar 2023 huet den Direkter vum INPA de Proprietär op den uewegenannten Artikel 129 opmierksam gemaach.

De 16. Februar 2023 huet de Proprietär per Bréif de Kulturministère informéiert, datt d'Demolitionsaarbechten déi Woch virdrun ugefaangen hunn an d'Gebai entretemps ganz ofgerappt wier. Mat dësem Bréif huet de Proprietär d'Kulturministesch net, ewéi den Artikel 129 et virgesäit, virun den Ofrappaarbechten informéiert. An deem Sënn ass et och keng “demande en régularisation” ewéi den honorabelen Deputéierte schreift.

Well den Artikel 117 Punkt 27 vum Denkmalschutzgesetz virgesäit datt d'Net-respektéiere vum Artikel 129 eng penal Infraktioun ass, an heifir och penal Strofe virgesäit ass de Parquet heiriwwer informéiert ginn.

A seelene Fäll kënn et bei Gebaier, déi sech an enger Klassementsprozedur befannen zu Beschiedegungen. An de leschten 10 Joer waren dat 7 Fäll déi dem INPA (anc. Service des sites et Monument nationaux) bekannt goufen.

Fir datt den INPA, bei senger villen Aufgaben, och senger Kontrollmissioun vum geschützte Bauierwen nach besser kann nokommen, gëtt d'Personal vun dësem Institut bestänneg opgestockt. An de leschte 5 Joer konnt sech esou d'Equipe op iwwer 40 Leit verduebelen.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2023.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson